ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 20. Juni 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch weiderzeleeden.

Et ass bekannt, datt Réckstänn vu Medikamenter iwwert den Offloss hire Wee esouwuel an de Waasserkreeslaf, ewéi och an de Buedem fannen, wat negativ Auswierkungen op d'Natur an d'Wuelbefannen vu Planzen, Déieren a Mënschen huet. Besonnesch an de Klinicken, wou iwwerduerchschnëtttlech vill Medikamenter ageholl ginn, ass deemno d'Ofwaasser besonnesch belaascht mat schiedleche Réckstänn.

An dësem Kontext hätt ech folgend Fro un d'Madamm Ëmweltministesch:

1. Ass an de Klinicken e speziellen Ofwaasserfilter-System virgesinn, fir dëse substantiellen *Sur-Plus* u Réckstänn am Ofwaasser kënnen erauszefilteren ?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten